InFiNe
Inclusive Finance Network
Luxembourg

# Carte blanche RTL radio 23. Januar 2017

Michel Maquil, President vun InFiNe.lu

## Version luxembourgeoise

Vill Leit déi en Deel vun hierem erspuerte Geld an Aktien, Obligatiounen oder Investmentfongen investéiere wëllen, drécken och oft de Wonsch aus ze wësse wat mat hierem Geld konkret geschitt.

Do ginn et zwou Alternativen

Esou kann de Spuerer ganz einfach refuséieren a Gesellschaften ze investéieren déi z.B. Waffen hierstellen, Kasinoe bedreiwen oder gesondheetschiedlech Produkter op de Maart bréngen, an der Hoffnung datt déi aner Gesellschaften déi positiv Saït vun der Economie duerstellen. Dat ass eng Approch déi op dem “Ausschlussverfahren” baséiert. De Compensatiouns Fong vum Lëtzebuerger Pensiounssystem verfollegt esou eng Politik vum “Ausschlussverfahren”. An eiser komplexer Welt ass et oft ganz schwéier esou Gesellschaften ouni Zweiwel ze identifizéieren an trotz gréisster Suergfalt ginn awer Investissementer gemaach déi duerno a Fro gestallt ginn.

An de läschte Joere ass duerfir den “Impact Investing” opkomm, eng Approch déi ganz zilorientéiert virgeet. Hei gëtt bewosst nëmmen a Gesellschaften investéiert déi Aktivitéiten hunn, déi een novollzéibaren a besonnesch ee moosbaren Impakt op d'Ëmwelt, d'Energie Produktioun, op d'Landwirtschaft oder op nei Produktiounsmethoden mat sech bréngen, an doriwwer eraus och nach Gewënn erwirtschaften. Et ass eng Tendenz déi zënter kuerzem vu villen internationalen Gremien, bis hin zum G8, ganz aktif ënnerstëtzt a gefërdert gëtt. Och déi ganz grouss international Fongegesellschaften kommen elo ëmmer méi mat esou Finanzprodukter op de marché, fir där staarker Nofro vu private Leit a vu grousse Gesellschaften wéi Assurance a Pensiounsfongen nozekommen.

Secteure wou vill esou “Impact Investing” gemaach gëtt, sinn z.B. déi nohalteg Landwirtschaft, d'erneierbar Energie, d'Mikrofinanz, d'Gesondheet, de Fair Trade a nach vill méi. Et ass eng Form vu responsabelen Investissementer déi musse kommen, wa mer eis Aart a Weis ze liewe méi nohalteg wëlle gestalten.

Et verlaangt och vum Spuerer sech besser a méi geziilt ze informéiere wéi wann en an aner Gesellschaften investéiert. Dat selwecht gëllt och wann en a Fongen investéiert déi esou eng Investment Politik hunn. De Spuerer wier och gutt berode fir selwer an d'Aktionäersversammlungen ze goen fir hei am Dialogue mat de Responsabele vun deene Gesellschaften ze lauschteren, wat si maachen a wat hier Pläng fir d'Zukunft sinn. De Spuerer soll eng aktiv Roll anhuelen an och net zécken séng Meenung zum Ausdrock ze bréngen wann en et fir néideg fënnt. Well et ass schon e bëschen Engagement verlaangt.

Ëmgekéiert ass et och noutwenneg datt déi Gesellschaften an deenen investéiert gëtt eng ganz cibléiert, standardiséiert a liicht verständlech Informatioun verëffentlechen déi den Erwaardungen vun de Spuerer entsprécht.

Den “Impact Investing” kann eng ganz einfach Method duerstellen déi et jidder Spuerer erlaabt fir konkret a mat klenge Schrëtt een nennenswäerten Impakt ze erreechen.